# INTRODUKTIOUN

(Virum Rido steet een Pult. Et ass deun Büro vun enger "Agence de voyage". Een Manager vum Reesbüro, gekleed mat Hawaihiem, setzt hannert dem Pult, dat mat villen Prospekten iwerlueden ass. E puer Reklamen hänken ronderem. En Mann an seng Fra kemmen eran.)

Manager : Bonjour! Mat watfir enger schéiner Rees kann ech Iech zou enger flotter Vakanz verhöllefen?

Madame: Mössiö, mir wessen nach net, wat mir ennerhuelen sollen. Wösst dir, mir hun leschten Freideg an der Nationalloterie mat der Endziffer gewonnen ...

Här : Dunn huet meng Fra gemengt, mir sollten eis mol eng Kéier eng Rees leeschten.

Manager : Do hutt dir gudd gedoen. Hei ass meng Propose.

(deet Hiem a Short aus a steet an der Schwammbox do a sengt.)

O sole mio !
Eng Vakanz am gielen Sand
Ass dat Bescht fir Iech an d'Kand !

(Den Reesburö verschwönnt an den Rido geet op.)

## 1. Szène : Plage

(Sonnenprabblien, Miergeraischer, Liegestill, Bueddicher; e Koup Sand, eng Sonn am Hannergrond; et leien a setzen vill Leit op der Plage. Kanner mat Schnuller, Sonnekâp, Schöpp an Eemer kommen eran an spillen am Sand. Eng Kleppcrei ass geschwönn am gangen. Et get mat Sand gepucht, Kreesch gedoen. 2 Kanner schloen sech mat den Schöppen gegenseiteg op den Kap. Et klengt no Blech an no Holz.)

Glaceverkeefer: (könnt eran) Gelati ! Gelati !

Gudde Glace, faarwege Glace, decke Glace !!!

(Hei wameiglech e Steck aus enger Oper aspillen an den Glaceverkeefer sengt theatralesch dobei. Hien verkeeft seng Glace mat enger Lusch.)

1. Client : Ass dat eng nei Glace ?

Glaceverk.: Neen Signore, mio molto pardone, meng Frigo ass futti, tutti.

2. Client : (mat Pelzmantel a Prabbeli) Fein, fein. Mol eng Kéier eng warm Glace. Ech hätt gären zwou Steck. Et as mir kâl.

(2 Schwammeeschteren, T-Shirts mat Freschen drop hun sie un an sie setzen vir op der Bühn.)

1. S-meeschter: Et ass haut awer neischt lass. Keen flott Dickelchen dat lanscht spazéiert, nömmen âl Glucken déi lanscht watschelen..

(E Wecker schellt. den 2. Schwammeeschter kuckt op d'Auer.)

2. S-meeschter: Et ass Zeit. Eiii !!! (streckt sech) All Stonn datselwecht! (huelen zwou rieseg Thüringerzangen an fänken un d'Touristen emzedréien.)

1. S-meeschter: Olivio, breng den Mazzola !

2. S-meeschter: Soll ech och den Peffer matbrengen.

1. S-meeschter: Neen, du bass hei net um Houwalder Böschfest beim Kotelettenstand.

2. S-meeschter: Et mengt een bal. Hei brod och vill Fleesch.

(Sie dréien weider em.)

1. S-meeschter: Zut! Elo ass mir deen heiten ungebrannt.

(Sie hiewen den Typ op an wieβen den Zuschauer den Reck. E formidabelt Muster ass drop ofgezeechent.)

2. S-meeschter: Hei guck dir mol desen un !

1. S-meeschter: Heihin (wenkt) ! ... Formidabel !

(Sie weisen den Zuschauer nach e puer Prachtexemplaren.)

2. S-meeschter: Oh mei ! Wann d'Leit sech am Spiegel gesin, gin mir am Mier ersoff. Laf schnell bei den Steinhäuser a kaf e puer Kilo brong Farw.

(Schwammeeschteren verschwannen vun der Bühn. Hannen am Eck fänkt een un ze jodelen.)

1. Tourist: (verbrannten Tourist, deen zur Box eraus dämpt) 3 Stonnen elang hun sie vergiess mech emzedréien. Ech machen Pizza aus dem Schwammeeschter. (verschwönnt vun der Bühn.)

2. Tourist: (weiss beschmiert) Wou ass d'Dusch? Wou ass d'Dusch? Ech hun d'Sonnencrème mat der Zahnpasta verwiesselt.

(Eng weiss Haifloss wandert iwert d'Bühn. Panik ennert den Touristen, sie lafen vun der Bühn. Miergeraischer; alles ass roueg. Et treppelt een mat enger Haifloss ennert dem Arm iwert d'Bühn. Hien huet den Kapp verbonnen, eng Harpune am Reck stiechen.)

Hai : An der Reesbroschüre steet: "Jeden Samstag greift der weisse Hai an." dat wier jo alles schéin an gudd! D'Leit brauchen Sensatiounen. Mais wann sie dann net géifen wéi wöll mat hiren Paddelen op een schloen!

(Schluss vun der 1. Szène an den Rido geet zou.)

## INTERMEZZO

(Den Reesbüro ass nees op der Bühn mat sengen 2 Clients.)

Manager : Ass dat net eng flott Vakanz? Voller Entspannung an Attraktiounen?

Madame : Ech weess net, ech färten d'Sonn ass net dat richtegt fir mein delikaten Teint.

Här : Do ass mir net genuch lass. Ech muss méi "Actioun" hun. E ganzen Dag am Sand, dann dréien ech duerch.

Manager: Okay! Okay! Hei hun ech den Hit aus eisem Programm! (deet den Safarihutt un an hölt en Gewier.) Eng Safari an dat deischtert Afrika!!! (sprengt mam Gewier an d'Mött vun der Bühn.) Eelefante, Krokodiiile, Gieraffen, ein Film von Heinz Ziegelmann...euh, ech mengen ech sin am falschen Film. An eisem Preis ass alles abegraff, vun Mönschefresser bis ...

Madame: Oh, Fernand! Dat ass mir ze geféierlech!

Här : Mariechen, loss den Här dach ausschwätzen!

Manager: Alles ass dran vun Menschefresser bis Tarzan.

Madame : Eih!

## 2. Szène: Safari

(Urwaldgeraischer. E puer Jéer schleichen duerch den Urwald mat allerhand Sorten vun Waffen belueden, sie schleichen op d'Melodie "Marche des parachutistes belges". Een, deen eng hänken huet tröppelt hannendrun.)

Pansvollist: ääh, hei sin jo lauter Hirschen, Schleeken an Igelen!

1. Jéer : (deet Kreesch) Eng Maus ... eng Maus ...

(Alles rennt fort. Den Pansvollist schéisst rondereen. Touristen mat Fotoapparaten behangen, kommen op d'Bühn a knipsen lenks an rechts.)

1. Tourist: Emelie, komm heihinnen, guck déi léif Déierchen hei. (Sie gin bei d'Déieren vun der Kulisse. Déierengebrumms.)

Guide : Madame! (rappt d'Fra zreck.) Dir därft sie net upacken. d'Déieren stinn enner Naturschutz.

Emelie : Ah sou! Dat ass en Naturschutzdenkmal.

Tarzanfan: (zum Guide) Entschöllegt, Mössiö! Könnt dir mir soen, wou den Tarzan bleiwt.

Guide : Weider, weider! Mir kommen elo bei die schéin Giraffen mat den langen Häls.

Tarzanfan : Keng Organioun. Lauter Schwindel. Ech hun extra Supplément bezuelt fir den Tarzan ze gesin. (zum Guide) Ech gesin gären den Tarzan oder ech kréien meng Suen erem. Wou bleiwt den Tarzan?

Guide : Dir mengt den Johny Weissmüller ... öh ...

Tarzanfan : Ech wöll den Tarzan!

Guide : Deen! deen könnt och nach. Keng Panik, hien könnt nach soss kritt hien en "Bloen" opgeschriwen. Wou bleiwt en dann?

(Tarzanskreesch am Fong. Den Tarzan könnt op d'Bühn gefall. Musek: "Tarzan ist wieder da!". d'Touristen stierzen sech op en.)

2. Tourist: Een Autogramm, Här Tarzan, wann ech glift!

Emelie : Oh, wat sidd dir esou elegant vum Bam geschwongen koumt. (Tarzan schreiwt Autogrammer.)

Tarzan : (zum Guide) Chef, wéi ass et mat der leschter Pei?

Guide : Hei hues du dein Afro-Chèque! Mach, dass du méi pünktlech bass fir déi nächst Virstellung! (Tarzan verschwönnt) Dir Damen an dir Hären, mir gin elo an den Urwald-restaurant.

Tarzanfan : Wou ass mein Bröll? Ech gesin neischt. Wou ass den Tarzan?

(An der Töschenzeit hun 2 Negeren sech hannert Touristen geschlach an taschten sie.)

1. Neger : deen ass neischt. Deen ass ze zéi! (1 eeleren Chef)

2. Neger : Dat ass den Richtegen! (1 jonke Chef). A point fir eist Urwaldfest. Kuck déi schéin rosa Faarw. Richteg knuspereg.

(Sie kidnappen den Tourist an en 3. Neger leeft mat engem groussen Spiess iwwer d'Bühn.
Schluss vun der 2. Szène an den Rido geet zou.)

## INTERMEZZO

(Reesbüro mat Clients nees zreck vir op d'Bühn)

Manager : Dat ass et. Abenteuer, Exotik! Wat wöllt dir méi?

Madame : Ech wöll mein Liewen behâlen. An du ! Du gees net mat! Soss soen ech denger Mamm et.

Här : Mach dat net! Soss kréien ech keen Täschegeld méi.

Madame : Vendeur. Ech hätt gären eppes, wou een verwinnt get. Keng Opregung, alles ass tip top, wou d'Kultur an d'Haute Couture sech afannen.

(Den Manager deet schnell den Paltong un a stecht en Zigar an den Mond.)

Manager : Selbverständlech, Madame. Hei hun ech eppes Exklusives am Katalog stoen. Stars an Presidenten erhuelen sech am Luxushotel "Folies bergères" euh pardon am Hotel "Folies des Grandeurs".

Här : Mengst du, mir könnten eis dat leeschten?

Madame : Loss den Här schwetzen. Sech informéieren kascht neischt.
(Reesbüro verschwönnt an den Rido geet nees op.)

## 3. Szène: Luxuxhotel

(Eng Hotelhalle. Op enger Seit d'Receptioun, op der anerer Seit as de Bar. An der Mött setzen e puer Hotelgäscht an drenken eppes. Den Portier versicht dauernd d'Kees opzekreien. Den Barmann stellt dem Garçon d'Gedrenks op den Plateau. Den Garçon fällt mam Gedrenks iwer d'Hotelgäscht. Kreesch asw.)

Garçon : Excusez-moi, dir Damen an dir Hären. Excusez-moi ... excusez-moi ...

1. Gaascht: Ech kann dat jo guer net leiden wann ech d'Gedrenks op eng aner Plâtz wéi an den Mond geschott kréien.

Garçon : (versicht d'Leit ofzebotzen). Excusez-moi villmols et beaucoup.

Botzfra : (könnt erageschlappt) Efalt! Et géif jo keen eppes soen, wann dat haut net fir drött geschidd wier.

2. Gaascht: (weiblech) Elo kann ech mein Kleed vun Dior net méi undoen.

3. Gaascht: Wéi ech dech kennen, mein Hues, plangs du mat Freed un engem neien.

2. Gaascht: Oohhhh ! (Sie motzt en bessen.)

Botzfra : Ech wärd dat dem Patron melden. Dann kritt mein Jean d'Plâtz als Garçon. Et ass zwar och en Dölpes, mais méi oft fäält en och net op d'Schness.

4. Gaascht: (Engländer) For mech ass et schocking to verscheissen den excellent Whisky. En national Katastroph. Really shocking.

Botzfra : Jo, dir huet recht. An engem engleschen Pub wär dat ondenkbar. Do kinnst du net bestoen. (weit op den Garçon).

Garçon : Do hun sie keng Garçons.

Botzfra : Geseis de, geseis de! Garçons sin iwerflesseg. Botzfraen brauch een emmer. Besonnech an desem Hotel. D'Personnal ass eng eenzeg Katastrophe ... Ausser mir, selbverständlech. Wann ech net do wier, dir gifft net an der Piscine ersaufen, mais am Knascht... (Sie botzt e besschen.)

(Den Garçon ass déi nei Commande an den Bar opluеden. Hien mecht en neien Versuch, féiert lauter Konschtstecker op fir lanscht d'Leit ze kommen. Dat gelengt, well d'Glieser ugepecht sin. D'Hoetelgäscht klappen. Knapps as en vun der Bühn rabbelt et.)

Botzfra : Et hätt mech jo gewonnert. Dauernd sin se angangen mir Arbecht ze machen. Et ass schlömm. Ech misst Direktor sin hei an desem Saustall.

Garçon : Dann hätten d'Fierkelen hei och eng Mamm!

4 Gäächt: Oohhhh !!!

(Een mat Schlofmutz, Pyjama an Kerz könnt erageschlappt.)

Schlofmutz: "Ruhige Lage" stunn am Katalog geschriewen. Ech mierken neischt dovun.

(Deen aus der Rezeptioun gett him een Kopfhörer. En 2. Garçon könnt bei d'Rezeptioun gerannt.)

2. Garçon : Chef, Chef, am Zömmer 23 as en geckegen âlen Scout. Am Moment schléit hien Pickets an den Perserteppech fir en Zelt opzerichten. Hei, do kennt en.

(E Scout mat Hut, kurzer Box, Kart, Kompass, etc, orientéiert sech durch d'Hotelhalle.)

(Hotelgaascht mat engem Lavabo könnt eran an d'Rezeptioun.)

Portier : (rappt nach ömmer an senger Kees) Eh Mössiö, eis Toiletteninstallatiounen sin net geduecht fir Karatetrainir

Gaascht : Ech hun nemmen een Steck Seef op den Lavabo geluecht.

Portier : War dat een Steck Seef aus dem Hotel?

Gaascht : Neen, et war eent vun doheem.

Portier : Do hun mir et jo. Den Lavabo verdréit nemmen eis Seef.

(Den Garçon trett nees op, alles geet tip top an der Halle, jidfereen kuckt him gespannt no, Et ass roueg. Op eemol e gewaltegen "Plouf". Den Garçon könnt plätschnass eran.)

S-meeschter: Hien ass an d'Piscine gefall.

Garçon : (zitt en Fösch aus der Täasch): Ech gin meng Demissioun. Ech gin als Jongleur an den Zirkus.

(Schluss vun der 3. Szène an den Rido geet zou.)

## INTERMEZZO

Här : Den Service ass net schlecht, Mais ech mengen mir passen net dohinnen.

Manager : "The High Society" as eppes fir sech. Alleguer sin sie liicht matsch an der Bir... A propos, wéi steet et mat der Gesondheet?

Madame : Déi Kiloen, déi zevill sin, déi lossen mech net roeg schlofen.

Här : Et ass een net méi 2o. Freides plot een den Reck. Méindes as et um Mo. An der Mött vun der Woch spillt den Kapp verreckt. Awer meng Zänn, déi hun ech nach all.

Manager : Meng léif Madame! (verkleed sech als Dokter). Aere Mann brauch drengend eng Erholungkur. Hei bei eis am Reesbüro ass wirklech alles am Preis mat abegraff: Busrees, Sportsgezéi, Mineralwasser, den Certificat vum Dokter an villes méi.

Madame : D'Gesondheet och?

(Den Reesmanager kuckt domm. Den Reesbüro verschwönnt an den Rido geet op.)

## 4. Szène: Organiséiert Touren mam Bus

(E puer Leit setzen op den Still, 2 an 2, wéi an engem Bus Vir sötzt den Chauffeur mam Steierrad am Grapp.)

Chauffeur : (duerch den Mikro) Am Numm vun der Firma "Fresche Mulles" heeschen ech iech alleguer wöllkomm. Ech wönschen iech eng agreabel Rees op "Bad Gesundheit" an höffen, datt dir gesond an monter aus der Kur eremkommt. (Chauffeur néitsch

Alles : Gesondheet !!!

Eeler Dame: (freet den Noper) Sidd dir secher dat mir dohinner fueren? (Noper reselt den Kapp.)

1. Gaascht: Et deed mir esou leed. Ech hun den Hond missten doheem lossen, well am Hotel sin d'Hönn net erlabt.

2. Gaascht: Jo, dat ass wouer. Lescht Kéier hatt ech iwert meng Fra gebillt, dunn hun se mech erausgepucht. A propos. Aer Fra firtawer secher mat?

1. Gaascht: Dat; dat as gudd doheem opgehuewen. Mais hätt ech nemmen mein Flocki bei mir. Deen feelt mir esou.

Eeler Dame: Sidd dir secher, datt mir op "Bad Gesundheit" fueren?

3. Gaascht: Jo, Madame, ganz secher.

Eeler Dame: Oh mei! dann setzen ech am falschen Bus. Ech wollt an d'Stadt op den Mart fueren.

(Den Bus bleiwt stoen. Animateur dréit sech em.)

Animateur: Kaffispaus - Fotospaus - Pisspaus

(Toilettengeraischer. Alles geet ganz schnell an sie fueren weider.)

Animateur : Fir d'Rees méi flott an méi kurz ze machen, proposéieren ech e Lidd.

Alles : D'accord! (Sie bierelen d'Lidd: Oh Helene!)

(Den Bus kritt en Platten. Alles steet ronderem. E Rocker op engem Dreirad fiert stolz lanscht a wenkt. E puer Leit kommen aus engem "Schnellimbiss" zreck.)

4. Gaascht: (regt sech op) Kuckt iech dat un! Dat krueten mir am "Schnellimbiss servéiert. Et sollen Bouletten sin. D'Kur fänkt dach nach net elo un. (Sie werfen Vollgummisbäll iwert den Budem.)

Chauffeur: Jojo, dorun musst dir iech winnen. An der Kur geet et net besser. An enger halwer Stonn sin mir do.

(lueten aus an den Bus verschwönnt ... Lueten un. 2 "deck Leit rennen am Trainingskostüm iwwer d'Bühn; sie setzen sech op eng Bänk.)

1. Sportler: Wat hun ech een Duuscht?

2. Sportler: Eierlech gesot! Wann ech doheem freides owes e puer Keelepartien hannerun mir hün, sin ech och freckt. Dann dréit et mir och virun den Aen.

1. Sportler: An Duuscht hues du och.

2. Sportler: Allez hop ... hop! Soss hun mir keng Zeit méi fir heemlech een poutzen ze goen. (vun der Bühn)

(Een Sportlehrer mat enger ganzer Equip "Sportkanounen" trött op d'Bühn.)

Sportlehrer: Eins, zwei, drei, vier ! (mecht Turnübungen)

(Seng Schüler maachen déi onméiglechst Verrenkungen; fallen op den Bauch, op den Reck, kommen net méi op, Keichen, Knachen jiipsen asw.)

Sportlehrer: Mensch, ihr Schlappschwänze! Hoch , nieder !

(Lueten aus an alles vun der Bühn. ... Den Bus kennt nees op d'Bühn. D'Lueten gin un an alles leit wéi futti op den Bänken; d'Kleeder sin ze grouss. Nömmen den Chauffeur as quitschvergnügt an as vill méi deck gin.)

Chauffeur : (duerch den Mikro) Dir leif Leit. Ech hoffen, är Kur war grad esou flott wéi meng Vakanz. All Dag hatt ech meng Rou. Ech hun giess fir dréi beim "Goldenen Ochsen". Bei deenen sympatheschen Humpen vun 1 Liter hun ech keen Duuscht gelidden.

(Touristen sprangen op an gin un den Chauffeur. Bremsen quitschen an den Bus geet bei. Rido ass zou.)

(Schluss vun der 4. Szène.)

# FINALE

(Reesbüro steet vir op der Bühn.)

Manager : (mat Zigar an Broschüren) Wéi ass et dann elo, dir léif Leit? Ech machen iech drop opmierksam, datt et Usus ass en Acompte ze bezuelen. Därf ech iech fléiwen?

Madame : Oh, ech kann mech net entscheeden.

Här : Et ass jo alles schéin an gudd, mais et huet alles sein Hoken.

Madame : Ech hat mir déi organiséiert Reesen och anescht virgestallt.

Manager : (wullt verzweifelt an sengen Reesprospekter): Ech hun hei nach ... äh ... ech hun dach...

Madame : Ech mengen, mir gin och dest Joer bei den Monni Hary op den Haf an d'Vakanz? Wat mengst du , Fernand?

Här : Gudd Mariechen! Den Bouw schecken mir mat den Scouten op den Campeng.

Madame : Dann sie mir allen 3 gudd versuergt!

(Den Reesmanager kritt eng Schwächt, Luet aus)

S C H L U S S


A6-16 Guy 1

# THEATER 81



# MODERN VAKANZEN






JUXAIR